Lëtzebuerger
# duerf
fir e chrëschtlecht a sozialt Engagement

## Lourdes!

Ech hat déi grouss Freed, dëst Joer op eiser diözesaner Lourdes-Pilgerrees de Priedeger ze sinn. Wann ech ganz éierlech sinn, da muss ech soen, datt et fir mech net esou einfach war. Eng gewëssen Angscht huet sech breet gemaach ... war ech dëser Aufgab gewuess? Awer ganz séier hunn ech erlieft, datt ech net eleng do stinn, mä datt mir all als eng grouss Famill op Lourdes gepilgert sinn. Deen een huet deen anere gedroen, op sengem Wee, a senger Krankheet, mat senge Suergen an Ängschten. Kee stoung eleng, mä de Bléck fir de Nächste war do!

Vill Mënschen hu sech opgemaach, mam Zuch, Bus oder mam Fliger. Jonk an al, gesond a krank, fit a gebriechlech, jiddereen ass mat senger Aart a Weis, mat deem, wat e bedréckt (oder glécklech) mécht, op Lourdes komm. Zu Lourdes selwer verschwannen déi Grenzen awer ganz séier, de Mënsch steet am Mëttelpunkt, oder besser gesot, Gott an de Mënsch. Fir mech besteet dat grousst Wonner vu Lourdes doranner, datt mir do (awer natierlech net nëmmen do) keng Ënnerscheeder gesinn, Ënnerscheeder zwëschen deenen, déi hëllefen, an deenen, déi gehollef kréien. Jiddereen hëlleft deem aneren op seng Manéier. Symbolesch dofir steet sécherlech d'Liichterprëssessioun. Mir all versammelen äis owes bei der Grott a ginn dann zesummen de Gebietswee. Jiddereen dréit eng Käerz a bei engem bestëmmte Lidd ginn dës Käerzen an d'Luucht gehalen. All déi verschidde Liichter versammelen sech zu engem grousse Liicht. Den Himmel gëtt hell, duerch d'Käerzen, duerch déi grouss Communautéit.

Lourdes hëlleft, menger Meenung no, de Bléck ze schäerfen. An eisem Alldag, besonnesch wa mir mat voller Vitesse duerch d'Géigend lafen, huele mir äis munchmol net genuch Zäit fir déi Mënschen, déi ëm äis liewen. A wéi oft geschitt et, datt mir, wa mir ee begéinen, ganz séier eng fest Meenung iwwert de Géigeniwwer hunn, just d'Ënnerscheeder gesinn, awer net dat, wat äis verbënnt: déi Tatsaach, datt mir all Bridder a Schwëstere sinn, duerch Gott, eise Papp. Erkennen ech an deene Mënschen, deenen ech op mengem Wee begéinen, eng Schwëster an e Brudder, dann heescht dat net, datt dës Relatioun ëmmer ganz einfach ass. Awer déi Gewëssheet, datt mir eng Famill sinn, soll äis encouragéieren, fir deen aneren dozesinn, en unzehuelen an en ze begleeden.

Jo, ech war e wéineg nervös bei der éischter Priedegt, awer ech hu séier gemierkt, datt ech net eleng war. Ech hu mech begleet gespuert vun all deenen, déi do waren. Dat gemeinsamt Gebiet, d'Gespréicher, sech zesummen un den Dësch sëtzen, einfach d'Präsenz vun de vereenzelte Pilger a Pilgerinnen, all dëst huet dozou bäigedroen, datt mir als eng Famill ënnerwee waren. Lourdes bedeit Gott ze begéinen, duerch d'Maria. Lourdes bedeit sech selwer méi nozekommen. Lourdes bedeit seng Famill kennenzeléieren, déi grouss Famill vun de Chrëschten, an déi mir duerch d'Daf eragebuer ginn. Lourdes invitéiert äis zum Gebiet am Sanctuaire an duerch seng wonnerbar Natur. Lourdes ass eng Rees wäert an ech kann lech just encouragéieren, d'nächst Joer mat eiser Diözes matzegoen, et lount sech!



***Abbé Romain Richer***

Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren a.s.b.l. – 5, avenue Marie-Thérèse, L-2132 LUXEMBOURG
www.jongbaueren.lu – Tél. 44743-252 – Fax: 447 43-563 – E-mail: secretariat@jongbaueren.lu
CCPLLULL: LU12 1111 0040 0831 0000 – Jorescotisatioun: 14€

**9/2016**
*September*

# 10. Editioun vun der Landjugend-Power-Aktioun

*Mat deem gewinnten Enthusiasmus an an enger entspaanter Atmosphär ass déi 10. Editioun vun der Landjugend-Power-Aktioun a 6 Gemengen am Land iwwer de Weekend vum 11. – 12. September 2016 duerchgefouert ginn.*

D'Membere vun de regionale Landjugendgruppe *Cliärref, Dikkrich, Furen, Maacher, Uewersauer* an *Zenter* hunn sech deemno den Aufgabe gestallt, déi déi respektiv Gemengeverantwortlech fir si a deene verschiddenen Uertschafte fir d'Aktioun virgesinn haten an déi e Sonndeg den Owend ofgeschloss sollt sinn. Well d'Landjugend *Süden* sech um Trakter-Parcours bedeelegt huet, deen all Joer zum Gedenken un hiren – ze fréi verstuerwenen – jonke Member Änder Guth organiséiert gëtt, huet de Grupp sech verständlecherweis dëst Joer net un der Aktioun bedeelegt.



*De Buergermeeschter vu Manternach, den Här Henri Frank, huet der LLJ Maacher säi grousse Luef fir d'Realisatioun vun hirer Aarbecht (Mënjecker) ausgedréckt*

Innerhalb vu 36 Stonne goufen deemno op en Neits eng Rei Aktivitéite vun de Membere vun der *Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren* (LLJ) realiséiert, déi der Allgemengheet zegutt kommen. Esou gouf zu Maarnech vun der *LLJ Cliärref* an zu Baastenduerf vun der *LLJ Furen* jeeweils eng Petanque-Pist amenagéiert, zu Ierpeldeng (Ettelbréck) vun der *LLJ Dikrich* eng Grillplaz gebaut an zu Mënjecker vun der *LLJ Maacher*, respektiv zu Miersch vun der *LLJ Zenter* jeeweils e Chalet opgeriicht. D'*LLJ Uewersauer* huet hirersäits eng Spillplaz zu Ierpeldeng bei Wooltz fir d'Kanner fit gemaach.

Wéi d'Fotoen et beweisen, ka mat Stolz op eng weider flott Aktioun zréckgebléckt ginn, déi vun de Membere vun der *Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren* mat vill Engagement am Interessi vun den Duerfgemeinschaften organiséiert ginn ass. Dësen Engagement gouf op ville Plazen duerch d'Präsenz vun den Autoritéite geéiert.



*Och d'LLJ Uewersauer huet alles ginn a ka stolz op déi geleeschten Aarbecht sinn*

**Vill weider Fotoen ënner www.jongbaueren.lu**

# Landjugendkalenner 2017

Mir weisen drop hin, datt eng nei flott Oplag vum Landjugendkalenner fir d'Joer 2017 an der Preparatioun ass an elo scho bestallt ka ginn:

- um Telefon: 44743 - 252
- per Fax: 44743 - 563
- per E-mail: secretariat@jongbaueren.lu
- oder mat Hëllef vum Bestellungsformular, deen hei an ënner www.jongbaueren.lu ze fannen ass.

**Eenzelpräis: 15 €**

No der Iwwerweisung op de CCPL-Kont IBAN LU12 1111 0040 0831 0000 (Vermierk: Landjugendkalenner 2017) vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren a.s.b.l. kritt Dir de Kalenner ufanks Dezember 2016 mat der Post heemgeschéckt:







## Bestellung vum Landjugendkalenner 2017

*Per Fax: 44743 – 563*
*per E-mail: secretariat@jongbaueren.lu*
*oder mat der Post un:*

*Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren a.s.b.l.*
*5, avenue Marie-Thérèse*
*L-2132 Luxembourg*

*Heimat bestellen ech*

*Numm: ....................................*

*Virnumm: ................................*

*Adress: ....................................*

*..............................................*

*Telefon: ..................................*

*de Landjugendkalenner 2017*

*Zuel vu Kalenneren: .......................*

*Verbandszeitung „Lëtzebuerger Duerf"*

## *Zur Informatioun fir eis Abonnenten*

Eng iwwerschaffte Versioun vun eiser Verbandszeitung vun eisen Associatiounen, dem „Lëtzebuerger Duerf" ass fir Januar 2017 virgesinn. Si gëtt vun deem Moment un net méi an Zesummenaarbecht mat der Kathoulescher Männeraktioun (KMA) realiséiert, déi dann och hiert eegent Blat erausgëtt.

En Aarbechtsgrupp ass derbäi sech Gedanken ze maachen, fir eng uspriechend an op déi Jonk ausgeriichten Zeitung ze gestalten an ze veröffentlechen. En huet sech zum Zil gesat, fir eise Memberen, Sympathisanten an Abonnenten en éischten Exemplaire vum **LLJ • News** am Oktober 2016 zoukommen ze loossen, éiert et am Januar 2017 definitiv mat där neier Zeitung weidergeet.

Bis dohin ass nach e bëssen Aarbecht ze leeschten. Mir sinn awer iwwerzeegt, datt mir Iech zum gesaten Zäitpunkt eng flott Verbandszeitung virleeë kënnen.



*Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l.*

## *E schéine Gest vum Här Jacques Melkert fir d'Kooperatiounsaarbecht vun der ONG*




Mat 15 Joer huet hien ugefaangen; elo, no 43 Joer Schaffen op sengem Bauerebetrib, huet den ***Här Jacques (Cooki) Melkert*** vun Essen seng Pensioun gefeiert. Zesumme mat senger Fra Simone huet hien seng Famill, Frënn a Kollegen op e Fest invitéiert a bei där Geleeënheet och e Scheck am Wäert vun 1.500 € fir d'Kooperatiounsaarbecht vun der ONG „Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l." un déi zwee Vertrieder vum Verwaltungsrot vun der ONG iwwerreecht (riets vum Här Melkert, d'Madame Wolter-Hilgert; lénks vun him, d'Madame Martine Majerus-Clemes).

Mir soen dem Här Melkert e grousse Merci, fir dëse generéise Gest a wënschen him all Guddes a vill Freed an dëser neier Etapp vu sengem Liewen.

## *Scheckiwwerreechung am Atert Lycée Réiden*




Ënnert der Leedung vum Här Jean-Paul Rodenbourg hunn d`Schüler vun der TOCM aus dem ***Atert Lycée Réiden*** mat hiren dräi Projeten, déi si am Kader vun de Mini-Entreprisen 2016 realiséiert hunn, 350 € Benefice erwirtschaft.

Dësen Erléis hunn si e Méindeg, de 4. Juli un d'Vizepresidentin Marie-Claude Dornseiffer-Marx vum Service Coopération vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren iwwerreecht, fir domat d'Kooperatiounsaarbecht vun der ONG an Afrika ze ënnerstëtzen.

**Am Numm vum Verwaltungsrot soe mir deene Jonken aus dem uewegenannte Lycée e ganz grousse Merci fir hir Generositéit!**

# Erfahrungen, déi een net méi mësse wëll

*E Grupp vun zéng Membere vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren a vun der ONG war vum 26. August bis 3. September 2016 op Visite am Kamerun*

„Véronique, wou si mir dann hei?" „Ma mir si grad mat eisem 4x4 am Kamerun ënnerwee op Jakiri..." sou hunn eng sëllech vum Philippe senge Video-Opnahmen ugefaangen. E Grupp vun zéng Persounen, bestoend aus Membere vun der Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren (LLJ) an dem Service Coopération vun der LLJ (ONG), hunn sech de 26. August 2016 an de Kamerun op de Wee gemaach, fir engersäits de Kooperatiounsprojet vun der ONG „Maternité vu Soa" an awer och d'Land an d'Leit – an deem d'ONG zënter laange Joren aktiv ass – kennenzeléieren.

D'Schwëster Marie Pierrette, ssmn, Responsabel vum *Centre de Santé* a vun der Maternité vu Soa, huet de Grupp duerch d'Gebailechkeeten, déi mat Hëllef vun der ONG opgebaut an equipéiert goufen, gefouert. Bei där Geleeënheet huet de Grupp d'Dokteren an d'Infirmiërë getraff, déi an der Maternité schaffen, an huet sech mat hinnen iwwer den Alldag an der Maternité ausgetosch. No engem ergräifenden Temoignage vun enger Mamm, där hire Jong no enger Fréigebuert mat Hëllef vun enger



*Gespréich a klenge Kaddo fir dee jonken Israel*



*Demonstratioun duerch den Techniker vun der Wärmelampe*



*Couveusen*



*De Grupp mat der Schwëster Marie Pierrette*

Couveuse konnt opgepäppelt ginn an esou gesond opgewuess ass, konnt de Grupp d'Frae besichen, déi grad accouchéiert haten. Fir hinne fir d'Gebuert vu hire Bëbeeën ze gratuléiere gouf hinnen e klenge Kaddo iwwerreecht.

Vu, datt et och drëm gaangen ass, fir bei dëser Rees d'Land a d'Leit kennenzeléieren, huet den Abbé a seng Disciplen sech queesch duerch de Kamerun op de Wee gemaach. De Wee huet dobäi vu Yaoundé aus iwwer beschwéierlech Pisten op Jakiri gefouert, fir déi typesch Naturlandschaften am Norde vum Kamerun ze entdecken. Dono ass de Grupp op Zoétélé bei d'Schwester Scholtus – eng Lëtzebuergerin, déi säit 36 Joer am Kamerun lieft – gefuer. Hei war dann och d'Geleeënheet an d'Duerf ze goen a mat de Leit, déi do am Reebësch wunnen, ze schwätzen an déi vun hinnen ugebuede Kokosnëss, den Zockerrouer, de Kakao an d'Raupen ze schmaachen. Op der Visite vun der Kakaosplantage konnt de Grupp gesinn, mat wéi engen einfache Methoden – nämlech mat enger einfacher Machete – d'Plantagen ënnerhale ginn.

No enger ustrengender Woch, mat villen neien Andréck, huet de Grupp sech dunn erëm op den Heemwee gemaach. Déi gesammelt Erfahrungen – wéi ënner anerem den oppenen Empfang bei de Leit, déi de Grupp besicht huet, de Stroum an d'Waasser, déi net ëmmer zur Verfügung stoungen,... – wäerte bei de Membere vum Grupp nach laang nowierken.

**Philippe Mitsch**



De Grupp zesumme mat der Equipe vun der Maternité



Wanderung am Reebësch bei Jakiri



„Familljefoto" am Reebësch mat de jonke Guiden



Visite vun der Kakaosplantage zu Nden

Fotoen: Philippe Mitsch

*Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l.*

## D'Mini-Entreprise „Dabbel one" ënnerstëtzt d'Kooperatiounsaarbecht am Burkina Faso




Am Kader vun hirer Ofschloss-Generalversammlung vum 8. Juli 2016 huet d'Mini-Entreprise „DABBEL ONE" aus dem *Lycée Technique d'Ettelbruck* de Vertrieder vun der ONG-D „Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service Coopération a.s.b.l." e Scheck am Wäert vun 800 € fir d'Kooperatiounszesummenaarbecht am Burkina Faso iwwerreecht. Dës schéin Zomm stellt en Deel vum Benefice duer, deen d'Mini-Entreprise während hirem Projet am Laf vum Joer erwirtschaft huet.

D'Mini-Entreprise huet sech aus 11 Schülerinnen a Schüler vun der Commerce-Klass 12CC/CG zesummegesat, déi am Laf vum Joer un engem Projet vun der A.s.b.l. „Jonk Entrepreneuren"deelgeholl huet. Iwwer de Projet konnten sech déi jonk Leit esou mat de Realitéite vun der Féierung vun engem Betrib vertraut maachen, dee Fläschen aus Tritan – engem net kriibserregenden an ëmweltfrëndleche Material ouni BPA – kommerzialiséiert huet. Si wollten domat op deen iwwerméisseg grousse Plastikkonsum opmierksam maachen a sech fir e manner héije Verbrauch vun dësem gëftege Material asetzen.

Wéi den Direkter João Reis vun der Mini-Entreprise betount huet, hunn déi jonk Entrepreneuren drop gehalen, fir en Zeeche vu Solidaritéit mat engem Deel vun hirem Benefice ze setzen. Et ass hinne wichteg, datt domat e Projet an Afrika ënnerstëtzt gëtt, deen der Waasserversuergung vun der lokaler Populatioun zegutt kënnt. Den Abbé Romain Richer, President vun der ONG-D huet deene Jonke verséchert, datt en Deel vun de Suen an e Projet fléisst, deen d'ONG-D deemnächst zu Zambélé realiséiert. Deen aneren Deel fléisst an ee weidere Kooperatiounsprojet, deen dat nächst Joer an Zesummenaarbecht mat den A.s.b.l.-en „Le Soleil dans la Main" an „SOS Sahel" zu Sam am Burkina Faso ëmgesat gëtt.

Am Numm vum Verwaltungsrot huet hien deene Jonken an hire Betreier e ganz grousse Merci fir dee schéine Gest zugonschte vun der ländlecher Bevëlkerung am Burkina Faso ausgeschwat.

*fg*

# Leben, das leben will

Wer mit Menschen spricht, erfährt mitunter etwas von ihrer Lebensgeschichte. Da werden Sehnsüchte und Hoffnungen, Verletzungen und Leiden deutlich, die sonst verborgen sind. Die Begegnung mit der Vielgestaltigkeit des Lebens kann zu einem tiefen Respekt vor der Geschichte des Einzelnen wie vor dem Leben überhaupt führen. Albert Schweitzer (1875-1965) hat diese Einsicht so ausgedrückt: „Ich bin Leben, das leben will, inmitten von Leben, das leben will." Vor dem Hintergrund seiner Erfahrungen als Arzt in dem von ihm gegründeten Urwaldkrankenhaus in Lambaréné im zentralafrikanischen Gabun entwickelte der evangelische Theologe und spätere Friedensnobelpreisträger eine Ethik der „Ehrfurcht vor dem Leben" aller Kreatur, die er in die Mitte seines Denkens und Handelns stellte.



Auch die gottesdienstlichen Feiern können auf unterschiedliche Weise eine Einladung sein, mit dem eigenen Leben, wie mit dem Leben anderer in Berührung zu kommen –und darin zugleich mit dem Geheimnis des Lebens. Ob in der Feier von Taufe, Trauung oder bei der Verabschiedung eines Menschen im Begräbnis: Gottesdienste sind Feiern des Lebens, in denen etwas von dem Geheimnis des Lebens erfahren wird. In ihnen drückt sich die Hoffnung aus, dass das persönliche Lebensgeheimnis immer schon vom Geheimnis Gottes umfangen ist. Wenn in der Liturgie das gelebte Leben im Mittelpunkt steht, wird darin auch etwas vom eigenen Leben angerührt. Die Feier der Liturgie könnte die Wendung Albert Schweitzers um einen wesentlichen Aspekt bereichern. Die Erfahrung, „Leben zu sein, das leben will, inmitten von Leben, das leben will", wird geweitet um die Hoffnung, darin gehalten zu sein von jenem Leben, das das Leben aller will.

***CIG Nr. 37/2016***

# „Jahr ohne Sommer"

Ich hatte einen Traum, der keiner war. / Die Sonne war erloschen, und die Sterne, / verdunkelt, schweiften weglos durch den Raum, / kein Mond, die Erde schwang im Äther, blind / und eisig sich verfinsternd; kam der Morgen / und ging und kam – er brachte keinen Tag, / die Menschen fühlten sich im Stich gelassen."

Diese Verse bilden den Auftakt des Gedichts „Die Finsternis" von George Byron (1788-1824). Es spiegelt Erfahrungen von 1816, das als „Jahr ohne Sommer" in die Geschichtsbücher einging. Der dramatische Klimaeinbruch, der damals in weiten Teilen Europas zu Unwetterkatastrophen und Hungersnöten führte, war verursacht vom Ausbruch des pazifischen Vulkans Tambora ein Jahr zuvor.

Jenseits der für die Menschen damals verheerenden Folgen dieses Naturereignisses setzte das ungewöhnliche Jahr aber auch kreative Kräfte frei. Neben dem eingangs zitierten Gedicht und weiterer Literatur gehören dazu die Landschaftsmalereien William Turners, die Erfindung des Vorläufers des späteren Fahrrads in Reaktion auf das durch die Futtermittelknappheit ausgelöste Pferdesterben und die Einführung des Mineraldüngers in Reaktion auf die Hungersnöte.

Etwas von der damals drastisch erlebten Abhängigkeit des Menschen von der Natur lebt in der Tradition des Wettersegens weiter. Wo es gelingt, ihn von einem mythologischen Verständnis zu lösen, das Gott in unmittelbaren Zusammenhang mit natürlichen Ereignissen bringt, könnte das Beten daran erinnern, dass der Mensch immer ein Teil der Schöpfung ist und sich dieser Beziehung nicht entziehen kann.

Weil – anders als vor zweihundert Jahren – unser Jahr 2016 kein „Jahr ohne Sommer" ist, können die lauen Tage als Geschenk wahrgenommen werden. Anders als bei Byron müssen sich die Menschen nicht „im Stich gelassen" fühlen.

***CIG Nr. 32/2016***


## *Impressum*

**Herausgabe:**
*ACML*
*5, avenue Marie-Thérèse*
*L-2132 LUXEMBOURG*

*Verantwortung*:

**Aktioun**:
*Fernand Huberty* *44743-251*
*Jean-Paul Schneider* *44743-251*

**Duerf:**
*Romain Richer* *44 743-562*
*Franz Glodt* *44 743-252*

**Druck:**
*Saint-Paul Luxembourg*

**Erscheinungsdatum:**
*zehn mal jährlich*